N° 4031
Entrée le 04.05.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.05.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

An hirer Äntwert op d'Fro n°3054 huet d'Ministesch selwer zouginn, datt dem IGSS keng Donnéeën doriwwer virleien, firwat potenziell Aidants informels d'Roll net iwwerhuelen. Gläichzäiteg ass onbekannt, a wéi ville Fäll Familljememberen duerch déi nei Evaluatiounsreegele vun 2018 als Aidant ofgewise goufen. D'Regierung huet d'Leeschtunge real reduzéiert, d'Evaluatiounscritèrë verschäerft, an d'Zuel vun den Aidants ass ëm 51% erofgaangen – ouni ze wëssen, wat d'Ursaache sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi kann d'Ministesch behaapten, datt d'Evaluatiounsreegele vun 2018 d'Qualitéit vun der Prise en charge verbessert hunn, wann dem IGSS selwer keng Donnéeën doriwwer virleien, firwat d'Zuel vun den Aidants informels zanter 2018 ëm 51% erofgaangen ass?

2. Wann d'Ministesch net weess, a wéi vill Fäll potenziell Aidanten duerch d'Evaluatiounsreegelen vun 2018 ofgewise goufen, wéi kann si da behaapten, datt déi nei Reegelen d'Qualitéit verbessert hunn ouni d'Zuel vun den Aidants strukturell ze reduzéieren?

3. Wéini gedenkt d'Ministesch, déi néideg Studie beim IGSS a bei relevanten Acteuren am Optrag ze ginn, fir dës Daten-Lücken ze schléissen?

4. Sinn d'Conclusiounen aus de Berodunge mat de concernéierten Acteuren am Abrëll 2023 dem Parlament zougänglech? Wa jo, wou? Wa nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

CLEMENT Sven

Deputéierten